



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5126 vum 20. Oktober 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup**

**Ad 1.):**

Déi polnesch Kueleminen-aarbechter hu géint een Uerteel protestéiert dat den Europäesche Geriichtshaff scho gehol hat. Am Virfeld vun där Manifestatioun war de Minister a regelméissegem Austausch mat den zoustännege Police-Autoritéiten fir sech e Bild iwwert d'Virbereedungen kënnen ze maachen. Dank där virbildlecher Planifikatioun ass déi ganz Manifestatioun friddlech a roueg verlaf.

**Ad 2.):**

D'Police war am Austausch mam Organisateur an de polneschen Autoritéiten, fir am Virfeld all méiglech Erkenntnisser ze gewannen, dorënner och Informatiounen zu de méigleche Sécherheitsrisiken.

**Ad 3.):**

Fir souwuel d'Manifestatioun kënnen ze encadréieren wei och deenen aneren Aufgaben nozekommen, ass bei de belschen Kollegen Ënnerstützung gefrot ginn am Kontext vun der Ofsécherung vum Perimeter ronderëm den europäeschen Geriichtshaff. Dëst ass eng gängeg a generell Praxis, déi duerch de BENELUX-Traité am Kader vun der coopération policière méiglech ass.

Lëtzebuerg, den **08 NOV. 2021**

Den Ministère de la Sécurité intérieure

Henri KOX